

Hutt nach e wéineg Gedold

# Problemer op der Zuchstreck Lëtzebuerg-Arel-Bréissel

Vum Jeannot Ries (Télé)|Update: 24.11.2019 19:34|[4 Commentaire\(n\)](#)

Problemer op der Zuchstreck Lëtzebuerg-Arel-Bréissel

**Nom Syprolux werfen och d'Amis du Rail aus der Belscher Provënz Lëtzebuerg an engem Schreiwes eng Partie Froen op.**

De gratis ëffentlechen Transport, eng politesch Decisioun, déi ze fréi kënnt: Zu där Konklusioun kommen op alle Fall d'Delegéiert vun der Eisebunner-Gewerkschaft Syprolux. Suergen, gi sech am Kontext "Gratis ëffentlechen Transport" awer och iwwert d'Grenze vun onsem Land eraus gemaach. D'"Amis du Rail" aus der Belscher Provënz Lëtzebuerg werfen an engem Schreiwes Froen op, déi och bei der Syprolux beschäftigt hunn.

## Parkplazen op der Grenz

De Park&Rail op der Gare vu Klengbetten. Den Ament ginn hei d'Installatioune moderniséiert. 138 Parkplaze sollen hei an Zukunft zur Verfügung stoen, esou steet et offiziell um Internet-Site vun den CFL ze liesen. Dës wäerte vum 1. Mäerz d'nächst Joer u wuel nach méi séier besat sinn. Dovu ginn d'Belsch "Amis du Rail" aus der Provënz Lëtzebuerg aus. Vun deem Ament un ass den ëffentlechen Transport hei am Land nämlech gratis. Iwwerdeems d'Grenzgänger, fir déi puer Kilometer vun Arel op Klengbetten, weider bezuele mussen.

## Retarden, Pannen, verlängert Rees-Zäiten

Retarden, verlängert Reeszäiten a Panne sinn e weidere Problem a ploen zanter Joren d'Frontalieren, déi aus der Belscher Provënz Lëtzebuerg bei eis an d'Land schaffe kommen. An d'Aussichte sinn net roseg.

Op Lëtzebuerger Säit sinn op där Stréck d'Schantercher sou wäit ofgeschloss. Ma an der Belsch wäert nach eng Zäit gerappt a geklappt ginn. Wéi an der Gare vun Arel. Wou d'Infrastruktur nach bis Enn 2020 moderniséiert gëtt. Am Summer d'nächst Joer wäert hei den Trafic fir 3 Woche ganz gestoppt ginn. Ënner anerem ginn déi 3 Quaien verlängert, fir datt 2022 350 Meter laang Zich vu Bréissel erof zu Arel kënnen stoe bleiwen. Heibäi handelt et sech ëm Voiturë vum Typ M7, der nächster Doppel-Décker-Generatioun un Zich an der Belsch. Sou laang Convoie kéinten dann awer net weider op Lëtzebuerg fueren.

## Manner Clienten op der Streck ënnerwee

Tëscht 2012 an 2018, huet d'Ligne Arel-Lëtzebuerg 15% u Clientë verluer. "D'Leit hunn d'Nues voll", sou d'Belsch "Amis du Rail".

Am Summer 2014 hate sech de Buergermeeschter vun Arel, Vincent Magnus, an den Nohaltegkeetsminister, François Bausch, zu Viville bei Arel Rendez-vous ginn. Do hätt sollen e grouse Park&Rail vun iwwer 1.000 Plazen entstoen. E Projet deem déi belsch Regierung awer vun der Lëscht vun hire Prioritéite gestrach huet. Doriwwer eraus gouf e fir dëse Projet wictegen 3. Quai souguer ofgerappt.

*Fazit: hutt nach e wéineg Gedold*

Dat gëllt Generell fir d'Zuchstreck Lëtzebuerg-Bréissel. 2007 war d'Presse schonn op de Schantjen ageluede ginn. Deemools war versprach ginn: d'Zich géife béid europäesch Hauptstied vun 2013 u mat 160 Kilometer an der Stonn verbannen. Neisten Informatiounen no, soll et elo bis Horizont 2026 daueren, iert d'Eisebunn Lëtzebuerg a Bréissel, bannent zwou Stonnen a 5 Minutte verbanne soll.

*Also: Hutt nach e wéineg Gedold*

## Commentairen

Schreift en neie Commentaire

Dem Datum no sortéieren

Dan36

- 24.11.2019 22:11

3

0

Wei ass et meiglech dat 350 m lang Convoien dann nët vun Arel op Letzebuerg weider fueren kennen?

Eis Gare ass Joere lang fir Milliounen renoveiert ginn , an dann ass nët sou weit geduecht ginn.

Et ass en Armut , wat fir enger Unheefung un Inkompetenz mer dauernd zu Letzebuerg ausgesaat senn..

Op villen Plaatzen am Ausland , wou se net souvill Ressourcen hun wei mir, ginn dei mei intelligent an logisch agesaat..

Mer bezuelen Milliounen fir idiotesch Etüden dei keen Mensch brauch, an kreiën nach neischt hin.

Dat wir ouni Etüde , mee mat capablen Leit am Ministere an op der CFL meiglech , mee och do schingt et Problemer ze ginn.

Mellen

Äntweren

b\_ernie

- 24.11.2019 20:45

5

0

Scho viru 7 Auer moies sinn d'Parkingen vum P&R (Bus 222) zu Stengefort a vun der Gare zu Klengbetten zougeparkt!

Haupt- an Niewestroossen an deenen 2 Dierfer och ëmmer méi - trotz 'parking résidentiel'.

Gratis Transport zu Lëtzebuerg heescht datt nach méi belsch a franséisch Grenzgänger op Stengefort/Cap/Mamer matt dem Auto kommen fir dovun ze profitéieren.

Et gëtt nëmmen 1 Wee: verhënneren datt d'Grenzgänger an eist Land era fueren. P&R an der

Belsch bauen an d'Leit DO an de Bus setzen. Finanzéiert kann dat ginn matt deem Geld wat eis Nopeschlänner doduerch spueren datt se hire Leit kee Chômage brauchen ze bezuelen. An net vun deenen déi Steiergelder hei zu Lëtzebuerg bezuelen. Op gutt Noperschaft!

Mellen

Äntweren

kliss

- 24.11.2019 20:01

3

1

CFL huet guer keen respekt fir seng clientele

Mellen

Äntweren

Vivihaha

- 24.11.2019 19:53

3

0

Et wär schon mol gudd, wann d'Zich op der Streck Lëtzebuerg-Bréissel erem géifen riichtduerch fueren. Vir e puer Joër ass dat wéinstens gaang. Et ass kee Pleséier zu Arel och nach all Kéiers de Quai/ d'Gleis ze wiesseln. Traapof an Traapop bei schmierigem Wieder an uraalen Traapen mat Gepäck ass zudem geféierlech. Fortschrëtt ass eppes anescht, mee an deem Fall ass et zeguer Rëckschrëtt. An eng vernünfteg Erklärung hun ech nach net héieren. Lichtblick: de train royal ass direkt ( riichtduerch ) gefuer.